PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Christine Wirtgen , 14:26, 20/05/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/05/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mëttelstand weiderzeleeden.

Am Tageblatt ass an engem Artikel vum 14te Mee ze liesen "Noch weiß niemand, wann genau die Gastronomiebranche in Luxemburg ihre Türenwieder öffnen kann." Dës Onwëssenheet mécht ville Restaurateuren, Cafésbesëtzer an Hoteliere schwéier ze schafen, well siengersäits hir Geschäfter preparéiere mussen, anerersäits net wëssen, wéini si, ënnert méi strengen Hygiensmoossnahmen, erëm däerfen opmaachen.

Tëschenzäitlech hu Liwwerdéngschter ee reegelrechte Boom am Confinement kannt, well d'Restaurateure weiderhi schaffe kënnen an dobäi déi virgeschriwwe Sanitärmossnahmen anhalen. De Client kënnt deemno net a Kontakt mat anere Clienten oder mam Personal, wat den Infektiounsrisiko reduzéiert. D'Firme kënnen also zum Deel normal mat hiren Aktivitéite weiderfueren.

Vill Betriber aus dem Restauratiounsberäich waren allerdéngs net drop virbereet, fir iwwer massiv iwwert den Internet Commanden eranzekréien an ausliwweren ze loossen, well se digital oder logistesch nach net dofir opgestallt waren.

Et stellt sech d'Fro, ob d'Regierung de Restaurateure mat schonns existéierende Mëttelen hätt hëllefe kënnen. Mat Letzshop ass fir den Eenzelhandel eng E-Shop-Plattform en Place gesat ginn, déi sécherlech hätt kéinten ouni groussen Opwand erweidert ginn, fir d'Gastronomie-Betriber mat an ze bannen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung, op Basis vum Verlaf vun der Infektiounskurv zu Lëtzebuerg, scho prognostizéieren, wéi een Datum d'Restaurateuren erëm definitiv hier Dieren däerfen opmaachen?

2. Huet de Minister d'Piste gepréift, fir de Restauratiouns–Betrieber eng Méiglechkeet unzebidden hier Produiten op Letzshop auszestellen an d'Commandë via Letzshop empfänken ze kënnen?
   - Falls nee, firwat net?

- Falls jo, wéini wäerten déi éischt Bestellungen op Letzshop méiglech sinn?

3. Wéi vill Restauratiounsbetriber zu Lëtzebuerg bidden aktuell iwwer Internet een Delivery–Service un? Gesäit de Minister hei nach Ausbaupotenzial? Falls jo, wat huet hien hei Wëlles?

4. Goufen et Informatiounen oder Recommandatioune vun der Säit vum Minister, wéi Betriber hire Liwwerdéngscht am Kader vu Coronapandemie opstelle kënnen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

Luxembourg, le 19 juin 2020

REÇU
Par Alff Christian , 11:16, 19/06/2020

Le Ministre des Classes moyennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n° 2252 du 20 mai 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen

---

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Pour le Ministre des Classes moyennes,

Françoise Schlink
Premier Conseiller de Gouvernement

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu/meco
www.luxembourg.lu

126-000169-2019122-FR

Réponse de Monsieur le Ministre des Classes moyennes à la question parlementaires n°2252 du 20 mai 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant "Situation du Secteur Horesca dans le contexte de la pandémie du coronavirus"

Kann d'Regierung, op Basis vum Verlaf vun der Infektiounskurv zu Lëtzebuerg, scho prognostizéieren, wéi een Datum d'Restaurateuren erëm definitiv hier Dieren däerfen opmaachen?

D'Regierung gëtt sech no all Phase vum Déconfinement 2 Wochen Zäit, fir ee Monitoring vun der Evolutioun vum Covid-19 ze maachen an d'Effete vun der viregter Phase anzeschätzen.

Well d'Zuelen sech positiv entwéckelt hunn, konnten d'Restauranten an d'Caféen hir Terrassen de 27. Mee och nees opmaachen. D'Clientèle konnt ab dem 29. Mee erëm bannenzeg den Etablissementer empfaange ginn, mat der Oplag maximal 4 Leit aus dem selwechte Stot un engem Dësch ze zerwéieren. Den 10. Juni war ee weidere Schrëtt vum Déconfinement, andeems d'Unzuel vun de Leit aus dem selwechte Stot op 10 eropgesat gouf.

Huet de Minister d'Piste gepréift, fir de Restauratiouns-Betrieber eng Méiglechkeet unzebidden hier Produiten op Letzshop auszestellen an d'Commandë via Letzshop empfänken ze kënnen? Falls nee, firwat net? Falls jo, wéini wäerten déi éischt Bestellungen op Letzshop méiglech sinn?

Et gëtt keng gréisser Aschränkung fir d'Betriber, fir hir Produkter op Letzshop.lu unzebidden. Sou gëtt et aktuell och schonn eenzel Betriber, déi hir frësch gekachte Liewensmëttel iwwert Letzshop ubidden. Ee Restauratiounsbetrib steet hei allerdéngs viru logisteschen Erausfuerderunge, well d'Liwwerung vun de Bestellunge bis bei de Client a Konformitéit zum Gesetz muss gemaach ginn. Bei der Liwwerung vu Liewensmëttel bedeit dat eng ganz Rei vu Konditioune fir déi vill Betriber net ausgeluecht sinn. Als einfachst logistesch Léisung, déi direkt kann ëmgesat ginn, kann een op Letzshop.lu de Click&Collect ubidden, d.h. de Client kann seng online Bestellung direkt am Betrib ofhuelen. Vereenzelt Betriber hunn dës Léisung schonn ëmgesat.

Wéi vill Restauratiounsbetriber zu Lëtzebuerg bidden aktuell iwwer Internet een Delivery–Service un? Gesäit de Minister hei nach Ausbaupotenzial? Falls jo, wat huet hien hei Wëlles?

Och wann een sech aner Ëmstänn gewënscht hätt, sou hunn vill Betriber, bedéngt duerch d'Kris, de Wee an d'Digitalisatioun méi séier ageschloen. Eng séllege Betriber hu wärend der Covid-19 Kris een Delivery-Service iwwert Internet ugebueden oder een Take-Out Service op d'Been gestallt. Genee Zuelen heizou gëtt et awer net, well et all Betrib selwer iwwerlooss ass, ob a wéi laang hien sou een Delivery-Service wëll arïichten.

Goufen et Informatiounen oder Recommandatioune vun der Säit vum Minister, wéi Betriber hire Liwwerdéngscht am Kader vu Coronapandemie opstelle kënnen?

D'Equipe vu Letzshop ass mat der HORESCA a reegelméissegem Kontakt fir sech iwwert d'Méiglechkeete vun der Plattform Letzshop.lu auszetauschen. Sou ass ënnert anerem ee Rondmail geplangt, fir Letzshop als potentiell Léisung bei den Horeca-Betriber ze placéieren. Och kënnen d'Betriber bei der Entwécklung

vun neien Distributiounskanäl finanziell ënnert d'Äerm gegraff kréien. Dëst kann ë.a. iwwert de Programm Fit4Digital geschéien, wou iwwert de Wee vun engem Diagnostik dem Betrib seng Organisatioun a senge Prozesser kritesch analyséiert ginn. Um Enn vum Diagnostik ass eng staatlech Hëllef vu 5.000 € virgesinn. Bei der Ëmsetzung vum Diagnostik sinn op den Investissementer bis zu 50 % staatlech Ënnerstëtzung méiglech.